M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Ech hunn lech schonn e Point de chute vun annerhallwer Minutt ginn. Dat ass iwwerproportionell vis-à-vis vun deenen anere Fraktiounen.

M. Serge Urbany *(déi Lénk).*- Gutt. Mir fannen - fir ofzeschléissen -, dass déi Haltung vun der griichescher Regierung, fir e Referendum ze maachen an d'Vollek entscheeden ze loossen..., bei all deene politesche Manöveren, déi virdru waren, et sinn zu Bréissel Leit ageluede gi vun den Oppositiounsparteien, während parallell am Sall niewendrun d'Verhandlungen an der Endphas waren! Dat si Manöveren, déi sinn inakzeptabel! Inakzeptabel och ass, wat den Här Juncker sech erlaabt, hien, dee verantwortlech ass un all deene Programmer vun 2010 un als Eurogroup-Chef! Hien huet dach dat alles an d'Wee geleet!

(Brouhaha)

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Här Urbany, kommt zur Konklusioun, soss muss ech lech de Mikro ewechhuelen!

M. Serge Urbany *(déi Lénk).*- Duerfir mengen ech, dass nom nächste Sonnden d'Situatioun vill méi kloer wäert sinn. An ech hoffen, dass d'Richtung och kloer ass. A wann d'Richtung en Neen ass, da geet et drëm, d'Verhandlunge frësch opzehuelen an zu engem akzeptabele Resultat ze kommen.

Ech soen lech Merci.

Une voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci, Här Urbany. Domat hutt Der zwou an eng hallef Minutte méi kritt wéi Der zegutt hat. Also ech mengen, Dir sidd gutt ewechkomm. An domat huet direkt de Finanzminister d'Wuert. Här Gramegna!

Prise de position du Gouvernement

M. Pierre Gramegna, *Ministre des Finances.*- Merci, Här President. Merci alleguerten den Intervenantë fir den Débat. Ech hale mech relativ kuerz, well ech mengen, dass mer den Tour gutt gemaach hunn. Et si vill Kommentaren hei gemaach ginn. Ech wëll fir d'Éischt emol eng Saach riichtstellen a ganz kloer soen: Ech hunn haut de Mëtten déi Interventioun hei gemaach natierlech am Numm vun der Regierung. An ech kann all déi, déi d'Fro gestallt hunn, berouegen: Et war absolutt net schwéier, fir do eng gemeinsam Haltung ze fannen, well mer déi nach ëmmer haten.

Ech wëll just fënnef kleng Punkte maachen, déi en fait net Äntwerte sinn, mä Ergänzungen oder Bestätegungen zu verschiddene Saachen, déi gesot gi sinn.

Zu Recht hunn eng Rëtsch Orateuren drop insistéiert, dass 2012 scho ganz vill gemaach ginn ass fir Griichenland am Sënn vun enger Reduktioun vun der Schold, Ëmstrukturéierung vun der Schold. D'Intérête sinn erofgesat gi vun 3% op 0,5%, d'Délaie si verlängert ginn, fir d'Éischt op 15 Joer an dunn op 30 Joer. Ech kann lech soen, fir Lëtzebuerg sinn déi lescht Kreditter, déi ausbezuelt musse ginn an de Joren 2041/2042, en fait ganz wäit ewech. An drëttens effektiv, dass de ganze Pak vu Kreditter am Privatsecteur reduzéiert ginn ass an dass dat d'Halschent war an ongefëier e Wäert war vun 110 Milliarden.

Dat ass alles ganz richteg an dat beweist, dass scho par rapport zu Griichenland eng grouss Flexibilitéit ugewannt ginn ass.

Richtegerweis ass och drun erënnert ginn, dass fir eng Rëtsch aner Länner Programmer entworf gi sinn. Portugal, Spuenien, Irland sinn déi bekanntst. Mä awer och ware Problemer an e puer anere Länner, an déi Länner sinn natierlech ganz haart an den Négociatiounen. Déi hu missen an hire Länner ganz onpopulär Mesuren huelen a si verstinn natierlech vill manner, wann een elo par rapport zu Griichenland ganz vill Verbesserunge *mécht.*

Mäin drëtte Punkt ass zu der Gesamtproblematik vun der Solidaritéit. Et ass richtegerweis ënnerstrach ginn, dass Griichenland net nëmme vu Kreditter benefisséiert, mä en fait wéinst der Appartenance vu Griichenland zu der EU och ganz vill vun de Strukturfonge kritt. An et ass richteg, och ze ënnersträichen, dass eent vun den Ziler vun der neier Kommissioun ass, vill méi den Investissement ze férderen, an dass den EFSI, den European Fund for Strategic Investments, dass deen dozou do ass, fir an Europa d'Croissance ze stäerken op där enger Säit, mä natierlech och, fir grad deene Länner wéi Griichenland ënnert d'Äerm ze gräifen.

Leider muss een awer och soen, dass Griichenland masseg Zommen, déi am Programm vun 2007 bis 2014 zur Dispositioun stoungen an de Strukturfongen, net ausgenotzt huet, well se keng Projete presentéiert hunn. Et kann een also nëmmen engem Land hëllefen, wat sech och selwer wëllt hëllefen.

Et ass och esou, dass doduerch, dass den Invest a Griichenland esou schwaach ass, et net méiglech ass, a Griichenland d'Croissance erëm unzekuerbelen. An ech mengen, et gëtt dat dat Essenziellt an deem drëtte Pak, dass een also net nëmmen nei Gelder mobiliséiert fir Griichenland, mä en Investitiounsplang moolt, deen d'Strooss hält, deen awer net nëmmen d'Strooss hält, mä deen och herno ëmgesat gëtt! An „ëmgesat gëtt" heescht och, dass Griichenland sech berode léisst, fir déi Suen, déi zur Verfügung kënne gestallt ginn, och wierklech dann ze gebrauchen an ze mobiliséieren.

Et wär net richteg ze soen, dass Europa net de Maximum hei gemaach huet am Effort vu Solidaritéit par rapport zu Griichenland. Et kann een de Bierg vu Schold vu Griichenland net doduerch reduzéieren, andeem ee Scholdzouweisungen un anerer mécht. D'Responsabilitéit fir d'Situatioun a Griichenland läit un alleréischter Stell, an dat ass och hei gesot ginn, bei de Griiche selwer! Mä Europa huet Solidaritéit bewisen a wäert dat och an Zukunft maachen.

Ech soen et ganz gären an engem Résumé, an an där Formel ass bal alles dran: D'Griiche wëlle jo an der Eurozon bleiwen, si wëllen den Euro behalen. Ech verstinn, firwat se den Euro wëlle behalen: Den Euro ass eng Devise, déi vill wäert ass, déi erlaabt, d'Importatioune bëlleg anzekafen. Et ass och eng gutt Saach, den Euro ze hunn. Den Euro ass also vill wäert. A wann eppes vill wäert ass, da muss een och e Präis dofir bezuelen. An de Präis, dat sinn eben déi Ustrengungen, déi Griichenland muss maachen, Ustrengungen, déi aner Länner jo och alleguerte maachen. Verschiddener maache se ganz natierlech, anerer sinn a méi kritesche Situatiounen a mussen dofir Pläng op d'Bee setzen, fir erëm op d'riicht Bunn ze kommen.

An dofir, als Konklusioun wäert ech dann nach e Saz iwwert dat soen, mat deem ech haut ugefaangen hunn: eis Présidence. Dir kënnt op Lëtzebuerg zielen an der Chamber. Mir wäerten alles maachen, fir eis Hand auszestrecke par rapport zu Griichenland, an natierlech deenen aneren 18 Membere vun der Eurozon nolauschteren. Mä wann een eng Hand ausstreckt, muss deen anere se och nach wëllen ergräifen.

Ech soen lech Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci dem Här Finanzminister. Domat wäre mer um Enn vun eisem Débat ukomm a mir géifen zum nächste Punkt vum Ordre du jour vun haut de Mëtte kommen, de Projet 6798 iwwert de FATCA-Accord.

Ech géif lech proposéieren, dass mer fir d'Éischt d'Madame Rapportrice zu Wuert komme loossen. A vu dass den Här Finanzminister eis vun Ufank u gesot hat, dass e ganz limitéiert a sengem Ordre du jour ass, vu all dat, wat ronderëm ass, géif ech lech proposéieren, dass mer him direkt no der Rapportrice - mam Accord vun der Chamber - géifen d'Wuert ginn.

Sidd Der domat d'accord?

(Assentiment)

Merci. Dann huet d'Madame Rapportrice d'Wuert.

5. 6798 - Projet de loi portant approbation

1. de l'Accord entre le Gouvernement du Grand-Duché de Luxembourg et le Gouvernement des États-Unis d'Amérique en vue d'améliorer le respect des obligations fiscales à l'échelle internationale et relatif aux dispositions des États-Unis d'Amérique concernant l'échange d'informations communément appelées le «Foreign Account Tax Compliance Act», y compris ses deux annexes ainsi que le «Memorandum of Understanding» y relatif, signés à Luxembourg le 28 mars 2014
2. de l'échange de notes y relatives, signées les 31 mars et 1er avril 2015

Rapport de la Commission des Finances et du Budget

Mme Joëlle Elvinger *(DP), rapportrice.*- Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, op dëser Plaz maachen ech lech de Rapport zu engem Gesetzestext, deen esouwuel en Accord tëschent eiser Regierung an där vun de Vereenegte State vun Amerika vum 28. Mäerz 2014 wéi och en Échange de notes vum 31. Mäerz an 1. Abrëll 2015 approuvéiert. Et handelt sech haut de Mëtten ëm d'Thema vum sougenannte FATCA, méi genau engem amerikanesche Gesetz mam Numm „Foreign Account Tax Compliance Act", wat am Mäerz 2010 a Kraaft getrueden ass.

De Projet de loi ass de 26. Mäerz 2015 vum Finanzminister Pierre Gramegna déposéiert ginn. Den 22. Abrëll ass dunn den Échange de notes zum Accord der Chamber iwwerdroe ginn.

De Statsrot huet de Gesetzestext de 5. Mee aviséiert. D'Commission nationale pour la protection des données huet den 13. Mee 2015 zum Text Stellung bezunn. D'Chambre de Commerce huet dunn hiren Avis zum Text den 21. Mee publizéiert. Doropshin huet d'Finanz- a Budgetskommissioun den 3. Juni eng Rei Amendementer ugeholl. Den 10. Juni huet d'Chambre des Salariés hiren Avis ofginn an den Avis complémentaire vum Statsrot datéiert vum 16. Juni dëst Joer.

D'Finanz- a Budgetskommissioun huet de schrëftleche Rapport an hirer Sëtzung vum 22. Juni dunn ugeholl.

Här President, den Accord, deen de Gesetzestext vun haut approuvéiert, ass den 28. Mäerz vun der Lëtzebuerger an der amerikanescher Regierung ënnerschriwwe ginn a betrëfft den automateschen Austausch vu Finanzinformatioune vu Leit, déi e Lien mat den USA hunn an e Kont an eisem Land besëtzen.

Ech huelen elo e bëssen aus, fir ze erklären, ëm wat et bei dësem Informatiounsaustausch geet a wat et domat op sech huet.

An den USA gi Privatpersounen op hirem sougenannten „revenu mondial" besteiert. Dat heescht, d'Besteierung fält op all Revenu un, egal wou dëse seng Source huet. Der amerikanescher Regierung geet et drëms, sécherzestellen, dass hir keng méiglech Steierofgaben duerch d'Gräpp ginn doduerch, dass d'Leit am Ausland e Revenu hunn, deen net an den USA uginn ass.

2010 huet d'amerikanescht Parlament duerfir d'FATCA-Gesetz gestëmmt, wat auslännesch Finanzinstituter dozou bréngt, dem amerikanesche Fisk, also dem Inland Revenue Service (veuillez lire: Internal Revenue Service), Informatiounen iwwer méiglech Konte vun amerikanesche Statsbierger weiderzeginn.

Et ass an dësem Kontext ze preziséieren, dass dat net nëmme Leit mat engem amerikanesche Pass betrëfft, mä och Persounen, déi allgemeng e Lien mat den USA hunn. Dat wëllt awer net automatesch heeschen, dass op esou auslännesche Konten och amerikanesch Steiere musse bezuelt ginn, well oft hunn d'USA en Duebelbesteierungsofkommes mat verschiddenen anere Länner an esou kann eng Duebelbesteierung eben évitéiert ginn. Wann also en Amerikaner bei eis wunnt an och hei e Kont huet, muss seng Bank dem amerikanesche Fisk an Zukunft matdeelen, wéi vill Suen op deem Kont stinn. Doropshi kann da seng Steierlaascht an den USA berechent ginn.

Am Juli 2012 hunn déi amerikanesch Autoritéiten dunn ugefaangen, de Kontakt mat hire Partnerlänner, dorënner och Lëtzebuerg, ze sichen, fir e bilateralen Accord an deem Sënn auszeschaffen. Am Mäerz 2014 war et dunn esou wäit an den Accord ass tëschent deenen zwou Regierungen ënnerschriwwe ginn, deen déi genau Detailer vum automateschen Informatiounsaustausch festleet. En zousätzleche Memorandum of Understanding gesäit eng Transitiounsphas vir.

Wéi fonctionnéiert esou en Austausch elo genee? D'Administration des Contributions directes sammelt d'Informatioune vun de jeeweilege Banken, am Normalfall bis den 30. Juni vum Joer drop. Wéinst dem Zäitdrock, dee mir awer elo hunn, ass deen Datum fir dëst Joer op den 31. Juli no hanne verréckelt ginn. Am August kontrolléiert also d'Steierverwaltung da kuerz, ob all Informatiounen do sinn, soudass den éischten Échange mam amerikanesche Fisk am September dëst Joer ka stattfannen. Fir déi Joren duerno gëllt awer weiderhin den Délai vum 30. Juni.

Ech ginn lech nach e puer kleng Detailer zum FATCA-Accord, an zwar sinn och administrativ Strofe virgesi fir de Fall, wou eng Bank dës Informatiounen net erausgëtt. An och, wa Banken engem Drëtten d'Charge ginn, fir dës Informatioune fir si weiderzeginn, esou bleift d'Responsabilitéit nach ëmmer beim Finanzinstitut selwer. Et ass och garantéiert, dass déi perséinlech Date protegéiert sinn a vertraulech gehandhabt ginn, an dëst just am Kontext vum FATCA.

Sou wéi déi amerikanesch Regierung en Accord mat eiser Regierung getraff huet, sou ass se och amgaang, mat anere Länner Accorden ze ënnerschreiwen. Ufanks dëses Joers ware 54 Länner, déi de FATCA-Accord mat den USA ënnerschriwwen haten. Et handelt sech heibäi also ëm en internationaalt Netz, wou Informatiounen ausgetosch ginn.

Här President, de Mëtteg geet et drëms, e bilateralen Accord mat den USA ze approuvéieren, deen derzou bäidréit, dass d'Leit déi Steiere bezuelen, déi d'Legislatioune virgesinn.

Mir sinn eis all eens, dass Steierhannerzéiung näischt an engem faire Steierregime ze dinn huet, an duerfir begréissen ech, dass eis Regierung dësen Accord mat den USA ënnerschriwwen huet. Am Allgemengen triede mir jo fir e sougenannten „level playing field" an, soudass eng fair Konkurrenz bei der Besteierung spille kann, dat souwuel um europäesche wéi och um internationale Plang.

Am Kader vun der Lëtzebuerger Présidence hu mir wierklech eng Geleeënheet, fir d'Efforte fir eng transparent Besteierung an der EU weiderzedreiwen. An ech si frou, dass dat och eng vun de Prioritéite vun eiser Regierung ass.

An deem Sënn reit de Projet vun de Mëtteg sech an d'Beméiunge vun eisem Land an. Doweinst soen ech och dem Finanzminister souwéi och senge Beamten, déi op dësem technesch komplexen Dossier matgeschafft hunn, an eisem Mataarbechter an der Fraktioun, dem Ben Jacoby, villmools Merci fir déi gutt Zesummenaarbecht. An ech ginn och den Accord vun der DP-Fraktioun.

Ech soen lech Merci fir d'Nolauschteren.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci der Madame Elvinger. An d'Wuert huet direkt den Här Finanzminister.

Prise de position du Gouvernement

M. Pierre Gramegna, *Ministre des Finances.*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, fir d'Éischt e grousse Merci un d'Rapportrice fir hire schrëftlechen a mëndleche Rapport.

Deen Accord FATCA, wéi e vun den Amerikaner 2009 an d'Welt gesat ginn ass an duerno duerch d'ganz Welt verbreet ginn ass, huet zu Lëtzebuerg sengerzäit fir ganz vill Suergen an Oprou gesuergt. Ech ka mech dat nach ganz gutt erënneren. A während enger Rëtsch Méint, fir net ze soe Joren, hu mer eis d'Fro gestallt, wéi mer dann déi Problematik do kéinte léisen, wéi mer da kéinte fir d'amerikanesch Leit, Persounen, individuell Persounen op där enger Säit, amerikanesch Gesellschaften eng Exceptioun maachen zu deem, wat bei eis d'Regel ass, oder war plutôt, vum Bankgeheimnis.

A mir hunn, dat war jo déi viregt Regierung, no enger gewëssener Zäit agesinn, dass et inévitabel wier, mat eisen amerikanesche Frënn a Partner déi Konventioun do ofzeschléissen. Et war keng einfach Négociatioun, well se éischtens emol komplex war, well d'Amerikaner e ganz komplizéiert Gesetz hunn. Et war natierlech komplizéiert, well et bei eis e Präzedenzfall geschaf huet.

Den Dag, wou mer dat haut hei den 1. Juli 2015 an der Chamber stëmmen, huet d'Welt sech vill geännert par rapport zu deemools, well mir hunn am November vum leschte Joer d'Bankgeheimnis zu Lëtzebuerg abrogéiert, soudass mer deen heite Projet relativ roueg kënnen iwwert d'Bühn huelen.

Wat ech heimat wëll soen, ass, dass an enger relativ kuerzer Zäit Lëtzebuerg sech immens reforméiert huet am Domän vun der Transparenz, am Domän vum Échange d'informations. Mir hunn en fait op den 1. Januar vun dësem Joer en Échange automatique d'informations agefouert. E baséiert op der Direktiv vun den Zënse vun der EU. Wou mer virdru Quellesteier gemaach hunn, maache mer elo Échange d'informations säit dem 1. Januar 2015.

Ech hunn am Oktober vum leschte Joer am Numm vun dëser Regierung ënnerschriwwen, dass mer bei de Fraisen Adopteure si vun der Berliner Konventioun, soudass mer op den 1. Januar 2017 den Échange d'informations vill méi breet wäerten applizéieren, wéi nëmmen op den Zënsrevenuen. Soudass haut dee Projet hei als bal eng Säitebegleedung kéint considéréiert ginn. E war et historesch net. Et war deen, deen dat Ganzt en fait un d'Rulle bruecht huet.

Doduerch, dass mer dat elo nach just an der Zäit maachen... Ech mengen, mir respektéieren hei d'Terminer, an dat ass gutt. Doduerch, dass mir awer eis Gesetzgebung an aneren, a méi generellen Terme geännert hunn, ass dat heiten u sech bal eng Formalitéit. Eng Formalitéit, déi awer verschidden Adaptatioune mat sech bruecht huet. Mir hu richtegerweis de Modell 1 gewielt. Et waren zwou Optiounen an der Konventioun. De Modell 1 ass, dass d'Administration des Contributions directes mat den Amerikaner am Kontakt ass. D'Schwäizer, déi en anere Modell gewielt haten, hunn dat an Zwëschenzäit geännert.

De FATCA war net nëmmen e Précurseur, wat de Secret bancaire ubelaangt, deen domadder ofgeschaaft ginn ass, et war och e Précurseur vun den Informatiounen, déi gefrot gi sinn. De Modell vu FATCA ass deen, deen am „Common Reporting Standard" vun der OECD en fait grosso modo iwwerholl ginn ass. An deen, dee mer also vun 2017 u wäerte gebrauchen, deen Échange d'informations baséiert haaptsächlech op deem Modell hei vu FATCA. Dat heescht, mir trainéieren elo hei mam FATCA, dee mer hei ëmsetzen, scho fir dat, wat 2017 kënnt.

Et ware ganz vill Froen an den Avisen. Ech wëll verschiddener kuerz hei uschwätzen.

Et besteet nach eng gewëssen Incertitude, wat fir eng Délaien applikabel sinn, fir wéi laang een Date muss zréckhalen, fir se ze liwweren. An do gëtt et verschidden Interpretatiounen. Dat ass awer weder am Traité FATCA geregelt nach ass et unilateral an einfach an eisem Gesetz, well verschidde Gesetzer sech applizéieren. D'generell Prescriptioun zu Lëtzebuerg ass 30 Joer. D'Banke mussen hir Donnéeën zéng Joer halen, et cetera. Do muss ee clarifiéieren. Et ass och esou, dass d'europäesch Direktive fir den Échange d'informations och do keng Indikatioun liwweren. Dat kann een awer an deenen nächste Jore klären.

An dann hutt Der am Gesetz an der Kommissioun verschidden Amendementer ugeholl vun der Commission nationale de la Protection des données. An ech fannen, dass dat eng ganz gutt Saach ass. Dir hutt och de Virschlag vun der Chambre de Commerce zréckbehalen, fir dem Établissement financier e Mount méi ze ginn, just nëmmen dëst Joer, fir déi Donnéeën eranzeschécken, well eben d'Ratifikatioun an deen Accord hei eréischt haut stattfënnt. An ech mengen, dat war am Sënn vun dem pragmatesche Virgoen zu Lëtzebuerg ganz gutt esou.

Zweetleschte Punkt nach. Ech si gefrot gi vum Deputéierte Laurent Mosar, wéi et ass mat der Base légale vun der 30%-Erhiewung. An ech wäert schréftlech och op Iech dorop zréckkommen.

Mäi leschte Punkt ass, dass dat heiten natierlech nëmme méiglech ass, wa mer dat an der Pratique uerdentlech ëmsetzen. Ech kann Iech do awer direkt berouegen. D'Administration des contributions huet gréisser Investissementer am Joer 2014 gemaach, fir den Échange automatique vum 1. Januar ze maachen am Kader vun der EU-Direktiv. An dank deenen Investissementer ass et natierlech einfach, och deen Échange hei mat Amerika ze maachen.

Och ass et wichteg, dass een do op Sécuritéitsmoossnamen oppasst. Dofir ass hei en informatesche Programm geschriwwe ginn, dee baséiert ass op LuxTrust, soudass mer doduerch och eng flott Utilisatioun vum LuxTrust hunn, deen och vum Stat favoriséiert ginn ass a wat dësen Transaktiounen och eng grouss Sécherheet gëtt. Well mir sinn zwar hei op, fir en Échange d'informations ze maachen an déi Informatiounen an d'Ausland ze ginn, parallell hätte mer awer gären, dass nëmmen den Destinataire, deen déi zegutt huet, se ka verwäerten a keen aneren. An dofir mussen natierlech déi informatesch Linne sécuriséiert ginn. Dat ass alles zäitgerecht gemaach ginn. An dofir soen ech Iech, dass mer hei an der Ëmsetzung keng Schwieregkeete wäerten hunn.

Ech wäert nach soulaang wéi méiglech bleiwen, fir dann dem Débat nozelauschteren an hoffen, dass dëse Gesetzesprojet vill Ënnerstëtzung ka kréien.

Ech soen Iech Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Merci och dem Här Finanzminister. An nächste Riedner ass den Här Laurent Mosar.

Discussion générale

M. Laurent Mosar *(CSV)*.- Jo, Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, Här Finanzminister, de FATCA oder den „Foreign Account Tax Compliance Act" ass u sech 2010 vun de Vereenegte State vun Amerika agefouert ginn, eigentlech fir géint déi systematesch Steierflucht vun amerikaneschem Kapital virzegoen. Do muss ee wëssen - ech mengen, d'Rapportrice hat dat och scho preziséiert -, datt d'Vereenegt Staten e bëssen e spezielle Steiersystem hunn, an deem Sënn, datt se net nëmmen d'Kapital vun hire Résidenten an Amerika besteieren, mä och an anere Länner. A vu datt et do relativ staark an deene leschte Joren zu Kapitalflucht komm ass, hunn d'Amerikaner sech obligéiert gefillt, dëse FATCA-Agreement anzeféieren.

Gläichzäiteg, an dat huet de Finanzminister virdrun och hei zu Recht ënnerstrach, ass eigentlech awer och de FATCA den Ufank vum Enn vun eisem Bankgeheimnis an der Europäescher Unioun, awer och doriwwer eraus gewiescht an huet eigentlech doduerch säit 2010 fir ganz vill Wellen a Polemik an der Welt gesuergt, dat souwuel op juristeschem wéi awer och op wirtschaftlechem Niveau.

Vun Ufank un, an dat ass eppes, wat een ëmmer erëm erstaunt huet, wann ee weess, wéi vill Oppositioun während laange Joren hei géint d'Ophiewe vum Bankgeheimnis war, muss een eigentlech soen, datt dee FATCA-Agreement relativ schnell vun deenen allermeeschte Länner akzeptéiert ginn ass. Et ass wuel iwwert d'Modalitéite laang debattéiert, diskutéiert ginn, notamment tëschent der Schwäiz an de Vereenegte Staten, mä finalement ass deen Agreement awer ugeholl ginn an - d'Madame Rapportrice huet et virdru gesot - en ass entre-temps vu 54 anere Länner och ugeholl ginn.

Ech wëll dann och fir d'Alleréischt hei der Madame Elvinger Merci soe fir hiren exzellente Rapport, souwuel dee mëndleche wéi dee schréftlechen, déi béid ganz komplett waren, soudatt ech eigentlech mech hei kann op e puer Generalitéite beschränken.

Fir d'Éischt, fir nach eng Kéier ze begréissen, an dat ass och scho gesot ginn, datt mir eis fir dee sougenannte Modell 1 an net de Modell 2 décidéiert hunn, deen, ech mengen, wesentlech méi einfach och an der Praxis ëmzesetzen ass. Ech begréissen och, datt d'Regierung direkt d'accord war, fir den Délai nach ëm e Mount ze verlängeren elo op den 31. Juli vun dësem Joer.

An ech si besonnesch awer och frou, well Der meng Sensibilitéit fir déi Thematik kennt, datt den Dateschutz an och d'Confidentialitéit vun allen ausgetoschenen Donnéeën expressément an dësem Accord festgeschriwwe ginn. Allerdéngs, an do e klengen Appell un de Finanzminister, ass et natierlech elo wichteg, Här Finanzminister, datt dat dote respektéiert gëtt an datt dat och ëmgesat gëtt.

Ech hunn, wéi gesot, do absolument keng Doutten, datt op eiser, op der lëtzebuergescher Säit dat wäert ëmgesat ginn. Ech hunn allerdéngs do ëmmer e bësse meng Zweifelen, wat eis amerikanesch Frënn ugeet. Mä ech hunn, wéi gesot, Vertrauen an Iech, Här Finanzminister, datt Dir wäert eisen amerikanesche Frënn, wann dat da muss sinn, op d'Fanger klappen.

M. Gast Gibéryen *(ADR)*.- Déi wësse schonn alles.

M. Laurent Mosar *(CSV)*.- Déi wësse schonn alles.

Da wëll ech awer och nach op ee Punkt agoen. Dat ass nämlech, datt och dee FATCA-Agreement a sech als Referenz entre-temps geholl gëtt fir dee sougenannten „Common Reporting Standard" oder CRS, wou et a sech drëm geet, justement d'Bankgeheimnis opzehiewen an an den automateschen Informatiounsaustausch iwwerzegoen.

Firwat soen ech dat? Mä well ech eigentlech fannen, datt mer hei dee richtege Wee gesicht hunn. Mir hunn nämlech hei e System, deen international valabel ass. Dat heescht, eis Banke wäerte sech an Zukunft net musse mat verschiddene Standarden erëmploen, mä si hunn direkt deen CRS-Standard, an dat wäert ganz ville Finanzinstituter hir Aarbecht wesentlech vereinfachen.

Erlaabt mer awer, Här Finanzminister, vläicht op dräi e bësselche méi kriddelech Punkten anzegoen. An do ass den éischten, do wëll ech op déi Kritik zréckkomme vun der Dateschutzkommissioun, déi sech e bësselche beschwéiert hunn, datt se eréischt ganz zum Schluss eigentlech gefrot gi wären, fir zu dësem Projet de loi en Avis ofzeginn. Ech wär do ganz frou, wa vläicht an Zukunft all Kéiers, an dat ass a ganz villen esou Gesetzer de Fall, wann den Dateschutz beréiert gëtt, ëmmer direkt den Avis vun der Dateschutzkommissioun ugefrot géif ginn.

An ech mengen, datt et do och elo zwee Accorde gëtt, wou et och vill mat Dateschutz a mat Prestations de services ze dinn huet, nämlech den TTIP a ganz besonnesch den TiSA, wär ech frou, wa mer deen elo diskutéieren an och do méi an d'Detailer kommen, wann een och vläicht... wann d'Regierung am Virfeld och wéilt den Avis vun der Dateschutzkommissioun dozou ufroen, well ech och mengen, datt sech do eng ganz Rei vu Froe wäerte stellen.

En zweete Problem, deen ech gesinn, ass deen, an ech hunn dat virdru scho kuerz ugeschnidden: Hei gëtt jo elo eng Réciprocitéit vun Informatiounsaustausch festgeschriwwen. An do hunn ech nach ëmmer e bësselchen de Problem, datt et an de Vereenegte Staten e Stat gëtt, deen Delaware heescht, an deen et sech do net einfach mécht, fir do och en Informatiounsaustausch virzehuelen.

An ech froe mech, ob souguer elo mat deem FATCA-Agreement et wäert och do zu engem automateschen Informatiounsaustausch kommen, wat d'net amerikanesch Résidentë vis-à-vis vun der Europäescher Unioun ubelaangt. Mir gëtt op jidde Fall vu ganz ville Kreesser aus deem Secteur gesot, datt vun där doter Säit den Informatiounsaustausch net schrecklech perfekt ass. An duerfir wär ech dann och frou, Här Finanzminister, wann Der och do kéint e wachsamt A op déi Réciprocitéit geheien.

Dann e leschte Punkt, Dir hutt et scho virdrun ugeschwat, dat schéngt mer keen onwesentleche Punkt ze sinn. Dat ass dee vun de Sanktiounen, déi an deem Agreement do festgeschriwwe sinn. Nämlech dann, wann e Finanzetablissement den Informatiounsaustausch net respektéiert, automatesch do géif eng Quellesteier vun 30% missen erhuewe ginn. Do stellen ech mer einfach d'Fro, wat d'Base légale vun där Quellesteier ass, déi a kengem vun eise Steiergesetzer festgeschriwwen ass.

Hei hu mer wuel en internationalen Accord, nach stellen ech mer awer d'Fro, wann et wierklech eng Kéier do géif haart op haart kommen, a wann do e Finanzetablissement géif e Recours maachen, ob déi 30% Quellesteier iwwerhaapt eng legal Basis hätten. An ech si frou, datt Der mer versprach hutt, datt Der dee Punkt géift schréftlech nokucken.

Dat gesot, mengen ech, ass dat heiten e wichtege Schratt an och méi Transparenz, och vun eiser Finanz- a Bankeplaz. Duerfir wäerte mir dëse Projet de loi stëmmen. An duerfir soen ech och Merci fir Är Opmierksamkeet.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Merci och dem Här Mosar. Den nächste Riedner ass den Här Franz Fayot.

M. Franz Fayot *(LSAP)*.- Merci, Här President. Léif Kolleeginnen, léif Kolleegen, de Finanzminister huet et gesot, mir schwätzen haut am Kader vun dësem Projet de loi am Fong iwwer eng historesch Gesetzgebung fir eist Land. FATCA, dat den 18. Mäerz 2010 am Kader vum „Hiring Incentives to Restore Employment Act" agefouert gouf, huet méi schnell erreecht, wat jorzéngtelaang Verhandlungen um europäeschen Niveau net erreeche konnten, nämlech, dass eist Land an anerer gezwonge goufen, méi Steiertransparenz anzeféieren, och wann dat geheescht huet, dass eist Bankgeheimnis extrem verwässert gouf.

Mir hunn haut net direkt iwwer eis Finanzplaz geschwat, wéi dat initialement geplangt war, mä iwwer FATCA haut an iwwer CRD IV muer. Da schwätze mer trotzdeem iwwer zwee zentral Gesetzer fir eis Finanzplaz.

FATCA, de Minister huet och dat scho gesot, zesumme mat der Finanzkris vun 2008 an ebe mat deene méi knappe Budgete fir munch Länner, déi dorauser entstane sinn, kann haut allgemeng als den Ausléiser vun engem Paradigmewiessel an der Steiertransparenz weltwäit ugesi ginn. An enger éischter Zäit duerch eng unilateral Legislatioun mat universellen an extraterritoriellen Effeten, wéi eleng d'Amerikaner se kënnen adoptéieren, an duerno duerch en négociéierten Accord de coopération globale, huet FATCA d'Regele vum internationale Steierrecht geännert.

Ënnert der Menace vun enger Quellesteier vun 30% huet FATCA ni plus ni moins wéi en automateschen Échange vu Steierinformatiounen zwëschen internationale Finanzinstituter an dem amerikanesche Stat agefouert iwwer weltwäit Revenue vun US-Ressortissanten.

Dat huet der Diskussioun iwwert d'Steiertransparenz um Niveau vum G20 vun der OCDE, denkt een do un d'Relance vu BEPS, mä och an der EU, eng nei Dynamik ginn. D'Direktiv 2011/16 iwwert d'Coopération administrative dans le domaine fiscal, déi jo méi e breeden Échange virgesäit, déi och bei eis am November d'lescht Joer ëmgesat gouf, ass och en Effekt vu FATCA.

Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, et ass vill gesot ginn, ech wollt awer just kuerz drop agoen, wat dat Gesetz elo fir eis Banken hei heescht.

Wéi déi éischt Nouvellë vu FATCA koumen 2010 a wéi et kloer gouf, wat dat géif mat sech brénge fir hiseg Finanzinstituter, kënnt Der Iech erënneren, dass verschidde Banke vun der Plaz décidéiert hunn, keng amerikanesch Clientë méi ze huelen an och existenten amerikanesche Clienten ze kënnegen.

Dat war e radikale Schrëtt, dee vu verschiddene Banken aus kommerzielle Grënn geholl gouf, well d'Käschte vun der Konformitéit mat FATCA net a Proportioun stounge mam Benefiss, deen déi Clientë bruecht hunn.

A wa mer haut iwwert dëst Gesetz schwätzen, wat effektiv en Acquis ass, no deene Gesetzer, déi mer jo schonn duerchbruecht hunn am Échange d'informations fiscales, dann ass et trotzdeem wichteg ze soen, dass dat hei net onschëlleg ass, en termes de coût, fir d'Banken.

Den „regulatory burden", de Käschtepunkt vun der Konformitéit, ass och duerch FATCA an d'Luucht gaangen. No enger Etüd vun der ABBL mat Ernst & Young, déi am Avis vun der Chambre de Commerce zitéiert gëtt, gëtt fir d'Banke vun der Plaz e Käschtepunkt vu 74 Milliounen Euro ugefouert, bei deene sech jährlech Fraisen, récurrent Fraise vun 10 Milliounen Euro ajoutéieren. Et ass also net näischt an et gehéiert och nach eng Kéier hei zu engem zousätzleche Käschtepunkt fir d'Banken, déi zu Lëtzebuerg aktiv sinn. Trotzdeem also en Impakt fir eis Bankeplaz.

De Minister huet et gesot: Mir hunn en Accordtype „Model 1" adoptéiert mat den USA, an zwar ee vun där réciproquer Aart, wat heescht, dass d'USA sech och engagéiert hunn, Informatiounen iwwer Lëtzebuerger Résidenten, déi bei amerikanesche Finanzinstituter Konten hunn, de Lëtzebuerger Autoritéite matzedeelen. Domat wieren dann d'Lëtzebuerger Clienten e bëssen, paradoxalerweis, méi schlecht dru wéi Clienten, déi zu Lëtzebuerg liewen an déi nach ëmmer dem Lëtzebuerger Bankgeheimnis ënnerleien, dat heescht dovunner benefisséieren.

Well mir hunn eist Bankgeheimnis net ganz ofgeschaaft. Neen, et wierkt nach um Lëtzebuerger Territoire. An dofir hu mer déi e bësse cocasse Situatioun, dass auslännesch Steiersujete besser elo drun..., also méi schlecht dru si wéi déi Lëtzebuerger, déi nach ëmmer vun engem staarke Bankgeheimnis profitéieren. Ob dat gutt ass am Sënn vun enger Justice fiscale zwëschent Lëtzebuerger an Netlëtzebuerger, dat sief dohinnergestallt.

Konkret sinn d'Konsequenze fir Lëtzebuerger Finanzinstituter déi hei: Éischtens mussen all Lëtzebuerger Finanzinstituter amerikanesch Konten identifiéieren an all Joer matdeelen un d'Steierverwaltung, ënnert de Modalitéite vun der Annex 1 vum Accord. Mir wëssen och, dass d'Steierverwaltung den 31. Mäerz 2014 schonn eng éischt Serie vun Indicatioune fir d'Matdeele vun Informatioune vu Lëtzebuerger Finanzinstituter matgedeelt huet.

Zweetens muss fir 2015 an 2016 all Lëtzebuerger Finanzinstitutioun zudeem der Steierverwaltung den Numm vun all Institution financière non participante matdeelen, där se e Paiement gemaach huet, an de Montant vun deene Paiementer.

Déi drëtt Konsequenz ass, dass fir Finanzinstituter, déi als „qualified intermediary" agéieren ënnert dem US Internal Revenue Code, eng Retenue vun 30% op all Paiement de source américaine un eng Institution financière non participante muss gemaach ginn.

A schlussendlech muss all Lëtzebuerger Finanzinstitut, dat Kommunikatioune mécht, sech agreéiere loossen, gemäss den Agrémentsregelen an de Partnerlänner. Dës „registration" mécht sech gemäss enger elektronescher Prozedur, déi den IRS festgeluecht huet, an dat a gewëssenen Délaien.

Mir wäerten dëse Projet matstëmmen als LSAP. Mir fannen, dass et gutt ass, dass mer dëse FATCA elo bei eis ëmsetzen. Dat ass a villen anere Länner, och op konkurrente Finanzplazen, schonn de Fall an et gehéiert och zu der Kompetitivitéit vun eiser Finanzplaz, an Zäite vu gréisserer Steiertransparenz, dass mer de FATCA elo bei eis ugeholl hunn. Dofir géif ech och dann heimat den Accord vun der LSAP matbréngen. Ech géif natierlech och der Rapportrice Merci soe fir hire gudde schréftlechen a mëndleche Rapport an Iech Merci soe fir d'Nolauschteren.

Une voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Merci och dem Här Fayot. An d'Wuert huet den Här Henri Kox.

M. Henri Kox *(déi gréng)*.- Merci, Här President. Ech wëll et kuerz maachen. Ech wëll fir d'Éischt der Rapportrice Merci soe fir de schréftlechen a mëndleche Rapport. Et ass jo net normal, dass de Minister virun den eenzelnen Deputéierte schwätzt, mä seng Ausféierung huet a sech praktesch alles gesot. Ech mengen, mir kënnen deem net méi vill bäisteieren. Dofir kënne mer dësen Accord och gäre matstëmmen. Dofir bréngen ech den Accord vun der grénger Fraktioun.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Merci och. Den nächste Riedner ass den Här Gibéryen. Dir hutt d'Wuert, Här Gibéryen.

M. Gast Gibéryen *(ADR)*.- Merci, Här President. Och vun eiser Säit aus un d'Kolleegin Joëlle Elvinger e Merci fir hire gudde Rapport, dee se eis zu dësem Projet gemaach huet. Och mat deenen Erklärungen, déi se virdrun hei ofginn huet, wat eis dann och erméiglecht, no-

deem den Här Minister och nach eng Rei vun Erklärungen ofginn huet, datt mir eis kënne méi kuerzfaassen.

Ech mengen, deen Accord, deen ënnert der Bezeechnung FATCA tëschent Lëtzebuerg an Amerika ofgeschloss ginn ass an deen haut hei gestëmmt gëtt, ass een Accord, dee sécherlech, wa mer eng Rei vu Joren zréckkucken, net méiglech gewiescht wier.

Mir wëssen alleguer, datt an deene leschte Joren ee grousse Paradigmewiessel hei entstanen ass. D'Bankgeheimnis war hei zu Lëtzebuerg iwwer Jorzéngte praktesch eppes esou wéi eng helleg Kou, géif ech soen. A wann een zréckkuckt, déi Debatten, déi mer ëmmer hei am Parlament gefouert hunn, da war quasi eng Unanimitéit hei am Land, an deem Parlament, datt dat Bankgeheimnis misst, egal wéi, ëmmer respektéiert ginn a bestoe bleiwen.

Mä d'Zäiten hu geännert a mir alleguer hunn och mat geännert, well dat, wat mer haut hei soen, hu mer viru fënnef an zéng a 15 Joer doudsécher net hei gesot. Do hu mer eppes vertratt, wou awer am Zäitgeescht, an der Entwécklung a mat deem, wat alles an der Welt an deene leschte Jore geschitt ass, en Ëmdenke stattfonnt huet a wou mer haut als Lëtzebuerg eis an déi Rei vun deene Länner areien, déi och wëllen alles maachen, fir datt Steierflucht net méi ka méiglech sinn oder zumindest esou mann wéi méiglech kann nach praktizéiert ginn.

DSchlupflächer, fir Steierhannerzéiung ze maachen, gi lues a lues ëmmer méi zou. An ënnert dem Strëch muss een och soen, datt dat gutt esou ass, datt och déi Leit, déi iwwer Konstruktioune konnte laanscht d'Steiere kommen, woubäi den normale Bierger an och déi Kleng- a Mëttelbetriber hir Steieren alleguer musse bezuelen, ass et scho richteg, datt an Zäiten, wou d'Budgeten an deene meeschte Länner méi knapp ginn a vill defizitär sinn, datt een och do, korrekterweis, d'Steieren hëlt, wou se sinn, an zwar bei jiddwerengem.

Sécherlech gëtt och mat dësem Accord net alles zougemaach weltwäit, mä et gesäit een awer, datt Schrack fir Schrack et an déi Richtung geet.

Et ass kloer, wa mer dëse Projet stëmmen, nodeems mer schonn den automateschen Informatiounsaustausch opgrond vun enger EU-Direktiv um Niveau vun Europa décidéiert hunn, elo hei mat den Amerikaner, datt dat Répercussioune fir eis Finanzplaz huet. Mä, ech mengen, eis Finanzplaz ass net iwwerrascht ginn. Dat ass keng Décisioun, déi vun haut op muer komm ass, et ass eng relativ länger Evolutioun gewiescht.

Ech mengen, et geet praktesch, kann ee soen, op den Accord vu Feira zréck, deen am Joer 2003 stattfonnt huet, wann ech mech net iren, wou am Fong dee Wee, wou um Schluss d'Opgi vum Bankgeheimnis stoung, ageleet ginn ass. An dat huet dann och enger Finanzplaz wéi Lëtzebuerg et erméiglecht, iwwer all déi Jore sech ëmzestellen an eng nei Palett vu Produkter op de Maart ze brëngen, fir dat kënnen auszegläichen oder zumindest zum Deel auszegläichen, wat opgrond vu fréiere Geschäfter haut net méi méiglech ass.

Ech mengen, eis Finanzplaz ass gutt opgestallt, mä trotzdeem, a mir wäerten elo an deenen nächsten, vläicht nach virun der Summervakanz, heibannen, opgrond vun enger Interpellatioun vum Kolleeg Laurent Mosar, iwwert de Finanzsecteur matdiskutéieren, wou och déi heiten Evolutioune mat drafalen an aner Saachen, déi eis Finanzplaz beréieren, wou mer dann hei wäerten dat méi am Detail debattéieren.

Eis Finanzplaz: Wa mer Finanzplaz soen, wéi effikass eis Finanzplaz ass, wéi se kann d'Clienten hei op Lëtzebuerg kréien, mat deene se ka Geschäfter maachen, huet dat selbstverständlech och ëmmer Répercussiounen op d'Statsfinanzen.

Mir wëssen alleguer, datt d'Statsfinanzen zu engem gudden Deel opgrond vu Recetten aus dem Finanzsecteur bestinn, an duerfir ass et och konsequent a logesch, datt, wann eppes op der Finanzplaz geschitt, dat och Répercussiounen op eis Statsfinanze wäert hunn.

Hei ass dat schwéier auszerechnen, well ech mengen, d'Banken an och déi Leit, déi hei betraff sinn, déi hunn net op dat Gesetz hei gewaart, fir sech an Uerdnung ze setzen. Dat ass alles scho längst geschitt. Esou däerft dat also net haut oder dëst Joer d'Resultat si vun negative Répercussiounen op d'Bilane vun de Banke respektiv op d'Statsfinanzen. Wann dat geschitt ass, dann ass dat schonn an deene Méint a Jore virdru geschitt.

Dëst ass awer, mengen ech, e wichtege Projet, well mer alleguer d'Bestriewung hunn, fir eis als Land an awer och virun allem, wat eis Finanzplaz ubelaangt, no baussen an der Welt duerzestellen, net als Finanzplaz, déi sech drop spezialiséiert, fir hei Steierhannerzéiung oder Schwaarzgelder ze betreien, mä datt et dann eng Finanzplaz ass, déi opgrond vun hirer Qualitéit an opgrond vun enger gudder qualifizéierter héijer Aarbecht vun hire Mataarbechter sech soll no bausse presentéieren. A mat dësem Gesetz, mengen ech, maache mer e weidere Schrack an déi Richtung. An duerfir fënnt dëst Gesetz och d'Zoustëmmung vun der ADR.

Ech soen Iech Merci.

Une voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Merci dem Här Gibéryen. Leschte Riedner ass den Här David Wagner.

M. David Wagner *(déi Lénk)*.- Merci, Här President. Also, u sech gleewe mir un de Multilateralismus a si vun Natur aus natierlech skeptesch, wann ee Land, eng Groussmuecht unilateral eppes décidéiert, wat Auswierkungen op de Rescht vun der Welt huet. Am Fall awer vum FATCA muss een awer zumindest unerkennen, datt déi Virgoensweis vun den Amerikaner e positiven Nieweneffekt hat, nämlech d'Mise en place...

(Interruption)

Ech wäert Iech ëmmer, ëmmer, all Kéiers étonnéieren!

...nämlech d'Mise en place vun Instrumenter entscheedend weiderzebréngen, fir géint d'Steierflucht vu räichen Individue virzegoen. De FATCA huet souzesoe per force d'Dier opgemaach zu méi Steiergerechtegkeet op der Welt. Ouni de FATCA géif et haut wahrscheinlech nach kee Standard vun der OCDE iwwert den automateschen Informatiounsaustausch ginn an et wär wahrscheinlech och nach keng EU-Direktiv zu deem Thema ugeholl ginn.

Dat muss een dem FATCA schlussendlech urechnen, datt en dobäi gehollef huet, eng vun deene groussen Ongerechtegkeete vun eiser Zäit unzegoen. De FATCA huet och bewisen, datt et méiglech ass, de Finanzsecteur innerhalb vu kuerzer Zäit zu méi Transparenz a Kooperatioun u sech ze zwéngen, wann nëmmen de politesche Wëllen do ass.

Allerdéngs hunn d'Amerikaner déi Bewegung a Saachen automateschen Informatiounsaustausch e bësse malgré eux och ugestouss a si spillen, dat kann ee jo och soen an dat gouf och hei scho gesot, duerchaus eng ambigu Roll, wann et drëms geet, de gemeinsamen „Reporting Standard" ëmzesetzen. Dat huet natierlech domadder ze dinn, datt se och eng aner fiskal Legislatioun a Struktur hunn, an do musse se och nach Efforte maachen, well déi Thematik ass jo kee Sens unique.

Här President, den automateschen Informatiounsaustausch ass fir ons wichteg, well Steiergerechtegkeet fir ons wichteg ass. Wa mer net wëllen, datt déi Räich vun dëser Welt sech hirer Verantwortung géintiwwer der Gesellschaft entzéien - an nëmme si kënnen déi Steiernischen och konsequent ausnotzen, well se d'Mëttelen dofir hunn -, da muss et eng méi enk Kooperatioun tëschent de Steierbehërde ginn. Dat ass ausserdeem och eng wirtschaftlech wichteg Fro.

Dat wierksamste Mëttel, fir aus der Wirtschaftskris erauszekommen, an där mer eis säit e puer Joer befannen, ass, mat der Austeritéitspolitik opzehalen. Dat mécht net de private Secteur, dat kënnen nëmmen d'Regierunge maachen. An dat kënne se ëmsou besser maachen, jee méi Recettë se erakréien.

Och dofir brauche mer den automateschen Informatiounsaustausch, well déi Recetten, déi d'Regierungen duerch d'Steierflucht ouni Contrepartie verléieren, schueden de Staten iwwerall op der Welt an en fin de compte och Lëtzebuerg.

Datt Lëtzebuerg deem Prinzip mëttlerweil zougestëmmt huet, ass begréissenswäert. D'Lëtzebuerger Finanzplaz ass duerch de FATCA net an de Koup gefall a genausou wéineg wäert se mam automateschen Informatiounsaustausch op EU-Niveau an de Koup falen. Dee Wee musse mer och an anere Beräicher konsequent matgoen, virun allem, wat déi aggressiv Steieroptiméierung vun de groussen Entreprisen ugeet, wou de Schued nach vill méi grouss ass.

Lëtzebuerg muss eng proaktiv a konstruktiv Roll bei den aktuelle BEPS-Diskussioune bei der OCDE spillen. Dat ass laangfristeg och am Interessi vum Land, net nëmmen, well et der Finanzplaz eng méi nohalteg Perspektiv gëtt, mä och, well et Lëtzebuerg gutt geet, wann et deenen aneren EU-Länner gutt geet. An da brauche mir, en passant, wahrscheinlech och keen artificiellen Nation Branding méi ze bedreiwen; dat wier och nach eppes Positives.

De Projet de loi, deen hei soll gestëmmt ginn, regelt d'Ëmsetzung vun deene FATCA-Verflichtungen um nationalen Niveau. Dobäi huet sech d'Regierung da fir dee sougenannte Modell 1 entscheet, dee virgesäit, datt d'Informatioune vun der Steierverwaltung zentral gesammelt ginn an dann un déi amerikanesch Autoritéite weidergeleet ginn.

Dobäi kann ee sech natierlech d'Fro stellen, firwat datt de Lëtzebuerger Steierzueler elo eng Facture vu mindestens 200.000 Euro pro Joer dohinnergeluecht kritt, nëmme fir de Finanzinstitutiounen den administrativen Opwand ze erliichteren. Trotzdeem si mer der Meenung, datt dat eng richteg Entscheedung war, well domadder jo och de Wee virbereet gëtt fir den europäeschen Informatiounsaustausch. Allerdéngs däerf et net sinn, datt déi lëtzebuergesch Autoritéiten dobäi hir Roll mëssbrauchen, fir eng schützend Hand iwwert d'Bankeplaz an hir Clienten ze halen.

Wéi gesot, stëmme mer dat Gesetz hei mat, well ons den automateschen Informatiounsaustausch prinzipiell wichteg a richteg erschéngt. Allerdéngs si mer natierlech net esou naiv, fir ze gleewen, datt domadder all Problemer vun der Steierflucht vun de Superräiche geléist sinn. Souwuel de FATCA wéi och de Modell vun der OCDE an d'Direktiv vun der EU si wäit vu perfekt.

Et ass e wichtege Schratt, dee mer och wëlle guttheeschen, mä et sinn nach ëmmer ze vill Lächer an deene Regele virgesinn, déi et de sougenannten „High Net Worth Individuals" och an Zukunft wäerten erlaben, hire Räichtum virun der Allgemengheet ze verstoppen.

Ech ginn Iech an deem Kontext just ee Beispill: Eent vun deene Lächer, déi weder vum FATCA nach an der OCDE-Propos adresséiert ginn, betrëfft e Liiblingsthema vun eis, nämlech de Freeport, well déi Luxusartikelen, déi do gelagert ginn oder transitéieren, vum Informatiounsaustausch net erfaasst ginn. A wéi d'Englänner esou schéi soen: „Honi soit qui mal y pense."

Ech soen Iech Merci.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Domat si mer um Enn vun eiser Diskussioun ukomm. Ech ginn dovunner aus, dass no der Interventioun vum Finanzminister d'Regierung elo net méi direkt gefuerdert ass. An ech géif da proposéieren, zum Vote iwwerzegoen.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 6798 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmung fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. D'Procuratiounen.

An d'Ofstëmmung ass elo eriwwer.

(Brouhaha)

D'Problemer léise mer herno. An de Vote ass ofgeschloss. Mir hunn Unanimitéit, 59-mol Jo bei 59 Participatiounen. Mir rektifizéieren, wann et noutwendeg ass. Domadder ass awer jiddefalls kloer, dass de Projet 6798 ugeholl ass.

Résultat définitif après redressement: le projet de loi 6798 est adopté à l'unanimité des 60 votants.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen, M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler, Michel Wolter (par M. Laurent Mosar) et Laurent Zeimet;

MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel (par M. Lex Delles), M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur (par M. André Bauler), M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer;

MM. Claude Adam, Gérard Anzia (par M. Claude Adam), Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini;

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding;

MM. Serge Urbany et David Wagner.

An ech wollt Iech froen, ob Der bereet sidd, d'Dispens vum zweete Vote ze ginn?

(Assentiment)

Merci, dann ass dat esou décidéiert.

A mer géifen dann zu der Question élargie N°6 iwwergoen, déi vum Här Laurent Mosar gestallt gëtt an déi d'Zuel vun de lëtzebuergesche Vertrieder am Europäesche Wirtschafts- a Sozialrot betrëfft. Ech begréissen och de Premier, deen dann direkt wäert op déi Fro äntwerten. Här Mosar, Dir hutt d'Wuert.

6. Question élargie n°6 de M. Laurent Mosar au sujet du nombre de représentants luxembourgeois au Conseil économique et social européen

M. Laurent Mosar *(CSV)*.- Jo, Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, Här Statsminister, ech wollt de Mëtten an enger erweiderter Fro effektiv op zwee konsultativ europäesch Gremien agoen: de Comité des régions an de Comité économique et social, well mer do an engem Gremium schonn e Sëtz verluer hunn an an deem anere Gremium anscheinend och am September eng Décisioun doriwwer géif falen.

Ech wëll awer ganz kuerz, ier ech op meng Froe kommen, e klengen Historique vun där Thematik maachen, well ech mengen, dat ass an dësem Dossier äusserst sënnvoll. Dat ass u sech eng Initiativ, déi op eng Initiativ vun der viregter Kommissioun, vun der Kommissioun Barroso zréckgeet, wou déi proposéiert hat, fir d'Éischt am Comité des régions, well déi Zuel sollt limitéiert ginn au détriment vun deene klenge Länner, déi Zuelen eben ze adaptéieren. Dat ass eng Décisioun, déi ass deemools à la majorité um Niveau vun der Kommissioun geholl ginn. Dat sinn awer ëmmer Décisiounen, déi nach musse vum Conseil européen guttgeheescht ginn.

Nodeem datt - dat ass, wéi gesot, elo e gutt Joer hier - relativ vill Opregung war, an och eng ganz Rei vu Leit sech dozou positionéiert hunn, notamment de Kolleeg Emile Eicher a senger Qualitéit als President vum Syvicol, an och anerer, ass folgend Positioun komm, an ech géif Iech vläicht déi Positioun vun der aktueller Regierung virliesen. Dat ass eng Positioun, déi an engem Interview vum Ausseminister Jean Asselborn formuléiert gi war.

De Jean Asselborn seet Folgendes: „Mir waren dorobber gefaasst, dass d'Kommissioun déi Positioun do géif anhuelen. Mir sinn och preparéiert, fir eis mat aneren, et gëtt nach aner Länner, déi och do betraff sinn, am Conseil do dergéint ze wieren, an dass mer domadder net d'accord sinn, an dass mer eis dergéint opposéieren, well mer wëssen, wa mer dat maache beim Comité des régions oder beim Conseil économique et social, dass et dann och net wäit ass bis zum Europaparlament, zu der Zuel vun den Deputéierten, déi mer do hunn, an domadder kënne mer net d'accord sinn. Ech mengen", seet den Här Ausseminister, „et ass net tragbar, et ass net logesch, och vun der Kommissioun, fir just bei deene Klengen do grapschen ze goen." - Tounlaut vum Här Asselborn. - „Dat ass eng Astellung, déi ech net kann deelen an déi eis Regierung och net deelt. Do gëtt et Instrumenter, mat deene mir eis do dergéint kënne wieren, an déi benotze mer." Dat huet also den Här Ausseminister Jean Asselborn virun engem gudde Joer zu deene Propositioune gesot.

Duerno war eng Kéier eng Reunioun an der aussepolitescher Kommissioun, wou mat ganz vill Häerzbludden, mengen ech, déi meescht Kolleegen hu missen zur Kenntnis huelen, datt mer géifen e Sëtz am Comité des régions verléieren. Dee Moment ass awer nach absolument näischt gesot ginn, datt och dee Sëtz um Niveau vum Europäesche Wirtschafts- a Sozialrot zur Dispositioun stoung. An et ass eigentlech elo eréischt, no engem Bréif, deen d'Europadeputéiert Viviane Reding un de Statsminister geschéckt huet, wou een d'Gefill huet, datt d'Regierung amgaangen ass, do op déi Positioun, déi den Här Asselborn nach kloer definéiert huet, zréckzekommen.

Ech wëll och nach eng Kéier hei soen, datt déi zwee Gremien, awer och ganz besonnesch den Europäesche Wirtschafts- a Sozialrot, wichteg Institutioune sinn, well hei och eng Rei Avisen um Niveau vum Sozialdialog geschriwwen a verséiert ginn.

A wa mer hei e Sëtz verléieren, Dir Dammen an Dir Hären, da geet dat au détriment vun de Sozialpartner, esou wéi et beim Comité des régions au détriment vun eise Gemenge gaangen ass. Duerfir wëll ech dem Här Statsminister véier Froe stellen.

Déi éischt, Här Statsminister: Ass dat richteg, datt Der op déi Positioun, déi deemools den Ausseminister Jean Asselborn relativ kloer festgeluecht huet, zréckkommt? Firwat kommt Der dorop zréck?

Zweet Fro: Kréie mer dann en contrepartie eventuell aner Avantagen? Dat kéint jo emol méiglech sinn.

An an deemselwechte Kontext wëll ech dann och nach eng Kéier déi Fro opwerfe vu verschiddenen aneren Institutiounen, déi mer sol-